Both Parents for All Children – FAD.lu
Equal Shared Parenting After Separation

FAD - Fathers Against Discrimination asbl
“Both Parents for All Children”
29, Boulevard Prince Henri
L-1724 Luxembourg
Luxembourg

27 January 2023, Luxembourg

ADR - Alternativ Democratesch Reformpartei
President Fred KEUP
11, rue Birrelt
L-6552 Berdorf
Luxembourg

Léiwen Här KEUP,

Mäi Numm ass Patryk P. RYBIŃSKI, an ech sinn de President vun der FAD - Fathers Against Discrimination asbl “Both Parents for All Children”, eng lëtzebuergesch ASBL.

Den Ziel vun eiser Associatioun ass eng Plattform vir en Dialog ze schafen fir d'Chancegläichheet vu Geschlechter fir béid Elteren virunzebréngen, d'Rechter vun de Kanner zu Lëtzebuerg ze respektéieren an eis ëm d'Wuelbefannen vun de Lëtzebuerger Kanner ze këmmeren. Als Organisatioun gleewen mir datt ee Kand ni seng natierlech Mënscherechter op Familljeliewen a gläichen Zougang zu béiden Elteren entzu soll kréien. Mir sinn och iwwerzeegt, datt keen d'Recht huet ze entscheeden, ob d’Léift oder Zouwendung vun dem engen oder aneren Elterendeel méi oder manner Wäert huet.

A Consideratioun von all deem fuerdere mir also d’Gläichbehandlung vu béiden Elteren visavis vun all Lëtzebuerger Institutiounen, wéi och bei den Audiencen a Verhandlungen vum Suergerecht an de Lëtzebuerger Familljegeriichter. Mir ënnerstëtzen d'Rechter vu Pappen a Mammen op den selwechten Undeel un der Elternschaft an un enger erfollegräicher berufflecher Carrière. Mir kennen d'Wichtegkeet vu Familljewäerter, déi de positiven Impakt vun enger voller a gesonder Famill op d'Erzéiung vun de Lëtzebuerger Kanner förderen net genuch ennersträichen.

Both Parents for All Children – FAD.lu
Equal Shared Parenting After Separation

Mir hunn e grousst Netzwierk innerhalb vun enger internationaler Gemeinschaft zu Lëtzebuerg. Am Hibléck op déi kommend Gemengewahlen 2023 wëlle mir d'Geleeënheet notzen, eis mat Vertrieder vun der ADR Partei ze treffen, fir iwwert d'Wichtegkeet vun der Gläichberechtegung tëscht Fraen a Männer an alle Beräicher zu Lëtzebuerg ze diskutéieren. Mir wëllen Iech och eis Postulate presentéieren am Zesummenhang mat deser Matière.

Wann Iech gelifft loost eis wessen wéini ee passenden Datum an Zäit wier fir ee Rendezvous mat Iech ze organiséieren. Wann et Iech passt kéinte mir eis an Ären Raimlechkeeten treffen. Mir maachen eist Bescht fir eis un Ären Zäitplang unzepassen. Merci am Viraus fir Är Äntwert an Consideratioun.

Mir werbleiwe mat greisstem Respekt,

Patryk P. RYBIŃSKI
President
& Association Members with Luxembourg Children, Parents and Grandparents
FAD - Fathers Against Discrimination asbl
"Both Parents for All Children"

Lët'z Make Résidence Alternée
FAD.lu
THE DEFAULT LAW in Luxembourg



FAD.lu Fathers Against Discrimination™
Both Parents for All Children

FAD - Fathers Against Discrimination asbl
"Both Parents for All Children"
29, Boulevard Prince Henri, L-1724 Luxembourg, Luxembourg
www.FAD.lu | E: contact@FAD.lu
R.C.S.: F12482